# Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

*Bericht vum Fernand Schmitt vum 21.09.2024*

Eng Saach ass positiv: de Frank wennt säi Secteur um D1 mat 2444 gr. Grondelen. Soss nëmmen dat wat mer déi ganz Woch erlieft hunn. Bill, Mike a Jérôme 10 Punkten an meng Wéinegkeet 11. Ech kann ëmmer nëmmen elo wéi hei am Fall vun mir selwer schreiwen. 2 Stonnen Platz 4-6 an duerno Grondelen komplett verluer. Ursaachen ginn et der bestëmmt. Mee wat genau geschitt ass, do muss ech mer selwer mol Gedanken maachen.

Dat wär dann elo mol mäi leschten Optrëtt bei den Senioren. Esou ee schlechten Oftrëtt hätt ech mer awer selwer net zougetraut. No x Welt- an Europameeschterschaften wou ech ni an der Reserve war, ausser ech wollt et esou. Mee nujee. Muer ass nach een Dag wou mer zumindest de Frank hunn deen et mat engem Top Resultaat nach zu enger Medaile packen kann.

Daumen drécken vun Iech doheem.